



RÉIMECH



# **FIR IECH** **CSV RÉIMECH**

Eise Walprogramm 2023

# FIR IECH CSV RÉIMECH

Méi no, Méi Réimech

## MIR SINN ENGAGÉIERT FIR RÉIMECH

D'CSV Réimech wëll Iech hir Kandidaten fir d'Walen vum 11. Juni 2023 kuerz virstellen.

Mir denken, dass mir et fäerdeg bruecht hunn, eng gutt Equipe, ugefouert vun eiser Sektionspresidentin a Schäffin Rita Wallerich an dem Gast Thiel, Member vum Gemengerot, ze presentéieren. Eis Kandidaten si kompetent a representéieren all Schichten vun den Awunner vu Réimech.

Mir hoffen, dass Dir eis Äert Vertrauen schenkt an mir sinn gudder Deng, dass mir mat Ärer Hëllef den 11. Juni Réimech eng gutt Zukunft kënnen bidden.

## NOUS NOUS ENGAGEONS POUR REMICH

Le CSV Remich souhaite vous présenter ses candidats pour les élections du 11 juin 2023.


Nous pensons avoir réussi à vous présenter une bonne équipe, menée par notre présidente et échevine Rita Wallerich et Gast Thiel, membre du conseil communal. Nos candidats sont compétents et représentent tous les habitants de Remich.

Nous espérons avoir votre confiance le 11 juin pour pouvoir offrir à Remich un bel avenir.



# EIS EKIPP FIR RÉIMECH

Eis Kandidaten



Rita WALLERICH  
63 Joer, Schäffin



Gaston THIEL  
73 Joer, Gemengerot



Nico REINERS  
58 Joer, Fonct. d'Etat e.r.



Jean-Pierre SCHENGEN  
59 Joer, Indépendant



Tania MARTINS  
34 Joer, Educatrice



Yoann FREITAS  
26 Joer, Sal. V.d.Remich



Miguel BECO  
56 Joer, Maître d'Hôtel



Diana TAPÉ  
37 Joer, Indépendante



Marco LEHMANN  
35 Joer, Ingénieur



Sonia MOREIRA  
46 Joer, Conduct. de bus



Tom PAULY  
35 Joer, Salarié

# LÉIF BIERGER A BIERGERINNEN


„Kann ech dat? Soll ech dat? Däerf ech dat?“ Dat sinn déi Froen, déi ech mir Ufank 2022 NET stelle wollt, wéi ech gefrot gi sinn, ob ech wéilt Member am Réimecher Schäfferot ginn. Et war mir direkt kloer, dass ech déi Erausforderung misst unhuelen. Firwat? Well et dobäi em meng Heemecht gaangen ass, em meng Stad Réimech.

Zënterhier ass vill Waasser d'Musel erofgelaf, ech hu vill bäigeléiert, an ech hunn mech och scho vill am Numm vu menger Partei fir d'Stad Réimech agesat. Wéi Dir bestëmmt wësst steet fir eis d'Liewensqualitéit vun all eise Bierger, op jonk oder al, ganz uewen op der Lëscht. Duerch eng responsabel Verkéierspolitik, duerch Investitiounen an nohaltegt Wunnen, d'Schoulwiesen an an d'Sécherheet, duerch d'Stärke vun eisem Veräinsliewen, duerch interessant Initiativen a Kultur a Sport, duerch eng innovativ Klimapolitik, wäerte mir zesumme mat Iech eis Liewensqualitéit weider erhéijen an nach vill fir Réimech erreechen.

A well mir och an den nächste Joren wëllen a stännegem Dialog mat Iech stoen, wësse mir, dass d'Erausforderunge fir Réimech a seng Bierger net manner ginn. Mä eng lieweg, wibbeleg an dynamesch Stad wéi eis däerf sech kee Pessimismus erlaben, och net a méi schwéieren Zäiten. An ech perséinlech hunn, wann ech éierlech soll sinn, a mengem Liewen nach ëmmer léiw-er d'Erausforderunge gezielt wéi d'Scheewercher. Aus dësem Grond hoffen ech, dass Dir mir a menger Partei och an Zukunft nach d'Geleeënheet wäert ginn, eis fir Réimech a seng Bierger anzesetzen a Léisunge fir är Problemer ze fannen.

Well eppes bleift och an den nächste 6 Joer sécher: Mat eis gött et ni en „Tjo, Réimech ...“, mat der CSV gött et ëmmer nëmmen e „Jo, Réimech!“

**Rita WALLERICH**  
Schäffin & Präsidentin  
CSV Sektoun Réimech



Rita  
WALLERICH

Suis-je capable ? Est-ce que je dois le faire ? Est-ce que je m'autorise à le faire ? Ce sont les questions que je ne voulais pas me poser début 2022 quand on m'a proposé de devenir échevine de la Ville de Remich. Je devais accepter ce défi. Pourquoi ? Mais, parce qu'il s'agissait de la Ville, où je vis, de ma Ville de Remich.

Depuis ce moment, j'ai appris beaucoup de choses et je me suis engagée avec toute mon énergie en tant que représentante de mon parti CSV pour ma Ville. Comme vous le savez la qualité de vie pour tous est une de nos priorités les plus importantes. Une politique de la circulation responsable, une politique de logement durable et écologique, enseignement et sécurité, un renforcement de la vie associative, des initiatives culturelles et sportives, une politique climatique innovante nous tiennent à cœur pour continuer à faire de Remich un endroit où on aime vivre.

Nous souhaitons passer les prochaines années dans un dialogue avec vous tous, car les défis ne diminueront pas. Une Ville si vivante et dynamique ne permet pas de pensées négatives lors de moments difficiles. Et moi personnellement j'ai préféré compter les défis au lieu de compter des moutons. C'est pourquoi j'espère que vous donnerez, à moi et à mon parti, l'occasion de continuer à nous engager pour notre ville et ses habitants et de trouver des solutions aux problèmes existants.

Une chose restera certaine les prochaines six années, pour nous il n'y a jamais un Oh, Remich ! Mais un OUI REMICH !!!

**Rita Wallerich**  
Echevine et Présidente de la section CSV Remich

# E KLENGE BLÉCK ZERÉCK

D'DP-CSV Koalitioun, déi sech 2017 geformt huet, huet sech vill Gedanken gemat, wéi eng Piliere fir Réimech wicteg wieren an doropshin e wuel iwuerluecht a strukturéiert Koalitiounsofkommes signéiert.

Hei wëlle mir déi Aarbecht, déi bis elo gelescht gouf e bëssi méi genee beliichten. E puer Projeten konnte scho fäerdeg gestallt ginn an op ville wictege Punkte gouf geschafft. Och vill gréisser Projeten si fäerdeg geplangt a kënne geschwënn verwierklecht ginn.

Direkt um Ufank ass eng gréisser Aufgab, mat der Fäerdegstellung vun der fréierer Gare routière, op eis duerkomm. En zweeten décke Posten war d'Problematik vum Jousefshaus. Hei ass intensiv dru geschafft ginn, fir den Defizit ze verringeren a sou konnte mir eng laangfristeg Léisung mat Hëllef vun engem Outsourcing duerch Servior fannen. Duerch dëse wictege Schrëtt ergi sech fir eis Stad zukünfteg ganz nei Perspektiven.

Fir datt all Generatioun vun eise Bierger sech wuel-fille kënnen, ass awer och villes am Loisir gebaut an nei geplangt ginn. Esou sinn Infrastrukture fir Kultur, Sport a Fräizäit erschaf ginn. Beispiller heivir sinn ënner anerem de Skate- a Parkourpark, d'Campcar- a Caravaneplaz, de synthetesch Fussballterrain, eng Petanquespiste, e Paddletennis sou wéi verschidden nei Spillplazen.

Mir sinn houfreg, dass mir eis iwuer de Laf vun de leschte 6 Joer all Dag fir all Réimecher Bierger asetzen duerften. Dobäi denke mir, dass eist Engagement d'Stad Réimech e gutt Stéck no fir bruecht huet.



La coalition DP-CSV qui s'est formée en 2017 a beaucoup réfléchi aux points importants pour le futur Remich et a ainsi signé un accord de coalition bien structuré.

Nous souhaitons examiner un peu plus près le travail qui a été réalisé jusqu'à présent. Quelques travaux sont déjà terminés et d'autres points importants sont en cours de traitement. De nombreux autres projets plus importants sont également prêts et pourront bientôt être réalisés.

Un des premiers défis fut la réalisation finale de la gare routière. Un deuxième grand problème fut la situation de la maison de retraite Jousefshaus. Afin de réduire le déficit nous avons opté pour un outsourcing par SERV-IOR. Ceci représente une solution à long terme et ouvre de nouvelles perspectives pour la Ville de Remich.

Pour que toutes les générations se sentent bien dans notre ville, nous avons augmenté le nombre d'activités culturelles et sportives. Ainsi, nous avons entre autres construit le parc pour faire du skateboard et du parcours, la place pour les camping-cars, le terrain de football synthétique, une piste de pétanque, un endroit pour le paddle-tennis et différentes aires de jeux.

Nous sommes ravis d'avoir pu nous engager pour chaque citoyen au cours des six dernières années. Nous sommes convaincus que notre engagement a permis à Remich de progresser de manière significative.



## DEN NEIE SCHOUL CAMPUS

### AUS DEM SCHOULKOMPLEX GËTT DE CAMPUS «GEWÄNNCHEN».

- De Schoukplex «Gewännchen» ass virun ronn 50 Joer gebaut ginn an dofir huet eng nei Infrastruktur sech opgedrängt. No engem Architekten Concours läit de Projet vir. Duerch eis Participatioun an de leschte 6 Joer ass déi nei Schoul an der finaler Phase a mir wäerten alles maachen fir datt de Projet an der nächster Zäit kann ugefaange ginn.
- Crèche a Précoce, Préscolaire, Grondschoul mat Maison Relais, eng Sportshal mat Tribün a Buvette an eng Déifgarage sinn am Plang virgesinn a bidden eiser Jugend an Zukunft déi bescht Viraussetzung sech optimal weider ze bilden a sech ze entwéckelen.

### LE COMPLEXE SCOLAIRE DEVIENT LE CAMPUS « GEWÄNNCHEN ».

- Le complexe scolaire « Gewännchen a été bâti il y a 50 ans et une toute nouvelle infrastructure est nécessaire. Grâce à notre participation au cours des six dernières années, la nouvelle école en est à la phase finale de planification et nous ferons de notre mieux pour que ce projet pourra bientôt démarrer.
- Crèche et précoce, préscolaire, fondamental avec maison relais, un hall sportif avec tribune et buvette, un garage sous-terrain sont prévus pour créer les conditions favorables pour l'éducation et le développement des jeunes.



## E KLENGE BLÉCK NO FIR

Mir konnten an der Majoritéit an deene leschte Joren Allerlee verwierklechen, mee et kënt an der Zukunft nach villes op eis Réimecher zou.

Esou fänkt viraussiichtlech kommenden Hierscht een vun eise wichtigste Projeten, d'Erneuerung vun der Esplanade, endlech un. Wéinst senger enormer Gréisst gëtt dëse Projet a verschidde Phasen realiséiert a wäert, soubal en ofgeschloss ass, Réimech e ganz neit, schéint a modernt Gesicht ginn.

Am Agenda vum Réimecher Masterplang 2035 steet och d'Verschéinerung vun eiser Maachergaass an d'Neigestaltung vun der Place Fernand Kons. Hei suerge mir mat klengen a gréisseren Amenagementer dofir, dass dës Plaz fir all Réimecher a Visiteur e flotten an interessanten Treffpunkt gëtt.

Donieft geet elo de Projet Parking op der Millen inklusiv abordablem Wunnraum an déi lescht Phase. Duerch dës Verännerung kënnen mir fir eng éischt gréisser Entlaaschtung vun der Parkingsproblematik suergen.

Och am Gemengenhaus bleift Zäit net stoen. Fir eise Service fir all Bierger an d'Aarbechtskonditiounen ze verbessern, hu mir eng komplett an nohalteg Modernisierung vum ganze Gebai op de Wee bruecht.

Well eise Kierfecht inklusiv Morgue an d'Jore komm sinn, hu mir eis Gedanke gemaach. Eng Etude fir eng Ëmgestaltung ass scho wäit.

Wéi dir gesitt stinn eng gréisser Unzuel u wichtige an noutwennege Changeementer virun eiser Dir. Mir gesinn dëst als flott a grouss Chance fir eis alleguer a mir freeën eis dës Aufgab zesumme mat all de Réimecher Bierger kënnen unzegoen.

Les dernières années nous avons pu réaliser maintes choses, mais mais pleins de défis restent pour les années à venir.

A partir de l'automne un des projets les plus importants sera entamé, notamment le renouvellement de l'esplanade. En raison de sa grande envergure ce projet sera réalisé en plusieurs phases. Une fois terminé, celui-ci donnera à Remich un tout nouveau visage, magnifique et moderne.

Le « Masterplang 2035 » prévoit une rue Macher plus belle et un réaménagement de la place Fernand Kons. Grâce à des travaux de transformation plus ou moins importants, nous faisons en sorte que cette place devienne un lieu de rencontre encore plus intéressant pour tous les habitants de Remich et ses visiteurs.

Le projet Parking op der Millen avec des logements abordables ira en phase finale. Ce changement nous permettra d'apporter un premier soulagement à la problématique du parking.

Le bâtiment administratif de la commune sera modernisé prochainement pour améliorer les services aux citoyens et créer de meilleures conditions de travail.

En plus avons-nous récemment entamé une étude pour moderniser le cimetière et sa morgue.

Comme vous pouvez le constater, des changements majeurs, importants et nécessaires sont à notre porte. Nous considérons cela comme une grande opportunité et nous sommes heureux de pouvoir attaquer ces tâches en collaboration avec tous nos citoyens.



## ENG STAD FIR JONK AN AL

### ENG DYNAMESCH GEMENG BRAUCH JONK AN AL LEIT, DÉI BEREET SINN ENG AKTIV ROLL AM GEMENGE LIEWEN ZE SPILLEN.

- Mir wëllen e Jugend- an e Seniorenrot op d'Been stellen. Hir Iddie sollen a mussen a politesch Decisiounen mat afléissen. D'Kommunikatioun tëscht de verschiddene Generatiounen ass e wichtege Bestandteil vun eiser Visioun.
- D'Zesummenaarbecht mat eisem Jugendhaus a mat de Jugendkommissiounen vun all de Veräiner aus eiser Gemeng muss weider gestärkt ginn.
- E Biergerzenter soll an d'Liewe geruff ginn fir den Dialog tëschent Bierger a Gemeng ze vereinfachen.
- Mir plangen d'Unzuel u Fräizäit a Sportméiglechkeeten fir all jonk an al Bierger ze erweideren, z.B. mat engem ëffentleche Basket- a Fussballterrain.

### DEN ALLDAG MUSS EISEN EELERE MATBIERGER MËI EINFACH GEMAACH GINN.

- Dofir soll d'Konzept vun eiser Navette iwwerschafft ginn. Och e Rufbus ass eng Méiglechkeet.
- Den Accès an d'Buser muss verbessert ginn. Trëttoiren op den Bushaltestellen sollen ugepasst ginn.
- Op all Bushaltestell soll eng elektronesch Anzeig installéiert ginn, déi Fuerzäiten vun de Buser an Echtzäit uweist.
- Och eis Matbierger mat ageschränkter Mobilitéit, an hir Besoinen mussen an eiser Planung mat agebonne ginn. All ëffentlech Plaze mussen e behënnertegerechten Accès kréien.
- Essentiell Déngschtleschtungsbetribber, wei Post a Bank mussen onbedéngt an der Gemeng bleiwen.

### UNE VILLE DYNAMIQUE A BESOIN DE JEUNES ET DE PERSONNES ÂGÉES PRÊTS À ASSUMER UN RÔLE ACTIF.

- Nous sommes pour un conseil de jeunes et de seniors, dont les idées pourraient influencer les décisions politiques et favoriser la communication entre les générations.
- La collaboration entre la maison des jeunes et les commissions des jeunes de toutes les associations de notre commune nous tient à cœur.
- Un centre civique doit être mis en place pour favoriser le dialogue entre citoyens et commune.
- Nous avons l'ambition d'agrandir l'offre de sports et de loisirs pour jeunes et moins jeunes, par exemple un terrain de football et de basketball public.

### LE QUOTIDIEN DES PERSONNES ÂGÉES DOIT DEVENIR PLUS FACILE.

- La navette de la ville doit être réorganisée. Nous envisageons un système de bus sur demande.
- Les trottoirs doivent être adaptés pour faciliter l'accès au bus publics.
- Nous souhaitons installer des panneaux électroniques qui montrent les horaires des bus en temps réel.
- Tous les endroits publics doivent avoir un accès pour personnes à mobilité réduite.
- Les entreprises et services essentiels comme la poste et les banques doivent absolument rester à Remich.



## ENG ZUKUNFT ZU RÉIMECH

### D'AWUNNERZUEL VU RÉIMECH WISST STÄNNEG AN DOFIR BRAUCHEN MIR ABORDABELT BAULAND.

- Net nëmmen Appartementer sollen gebaut ginn, mee och un Famillen mat Kanner muss geduecht ginn.
- Mir hunn nach fräi Flächen an eiser Gemeng. Eis Partei iwwerprüft, ob déi Flächen als Bauland kënnen genotzt ginn.
- D'Aktivéieren vun der Bauland Reserve "Gewännchen-Um Juck" ass eng Prioritéit fir d'CSV Réimech. An der Urbaniséierung vum 22 Hektar groussen Reservegebiet "Gewännchen", wat am Perimeter läit, sinn an der Vergaangenheet schonns vill Etuden ofgeschloss ginn fir Erschleissungsinfrastrukturen wéi Accès an Assainissement ze klären. CSV Réimech ass dofir dat d'Gemeng Réimech méi en grouse Rôle directoire an der Ëmsetzung vun dësem Projet iwwerhëlt.
- D'Gemeng ass nach am Besëtz vu verschidden eidele Gebaier. Dës sollen sou schnell wéi méiglech a Wunnraum ëmgewandelt ginn oder fir kommerziell Zwecker benotzt ginn.

### OCH UN EIS LOKAL GESCHÄFTSLEIT MUSS GEDUECHT GINN.

- Et läit eis um Häerz eise Réimecher Commerçanten e serieusen Partner ze sinn a si beschtméiglech ze ënnerstëtzen a gemeinsam Léisungen ze fanne fir hiren Betrib no fir ze bréngen.
- Mir wëllen erëm méi Geschäfte op Réimech unzéien. Dofir verpflichten mir eis fir interesséierte Partner oder Start-ups Raim zu bezuelbarem Loyer zur Verfügung ze stellen. Nëmme esou kënnen mir Réimech nees zu enger Akafstad maachen.

### LA POPULATION DE REMICH EST EN CROISSANCE ET NOUS AVONS BESOIN DE TERRAINS À BÂTIR.

- La construction d'appartements est nécessaire, mais il ne faut pas négliger les familles avec enfants.
- Remich dispose encore de terrains libres et il faut voir si cet aréal peut devenir prochainement du terrain à construire.
- L'activation de la réserve « Gewännchen-Um Juck » est une de nos priorités. De nombreuses études ont été faites au passé pour urbaniser cette grande réserve de 22 hectares qui se trouve dans le périmètre. Le CSV Remich est pour la réalisation de ce projet.
- La commune dispose de bâtiments vides et non utilisés. Ceux-ci devraient être aménagés à des fins d'habitation ou commerciales au plus vite possible.

### IL NE FAUT SURTOUT PAS OUBLIER NOS COMMERCES LOCAUX !

- Il nous tient à cœur d'être un partenaire sérieux pour nos commerçants, de les soutenir et de trouver ensemble des solutions pour promouvoir leurs entreprises.
- Afin que Remich pourra de nouveau devenir une ville attractive pour faire du shopping nous aimerions attirer de nouveaux commerces et des start-ups intéressés. Pour atteindre ce but nous souhaitons mettre à disposition des locaux aux loyers raisonnables.



## EIS VERÄINER SI WICHTEG

**D'VERÄINSLIEWEN AN DER STAD RÉIMECH MUSS WEIDER WUESSEN AN DOFIR WÄERTE MIR ALL VERÄIN EEN NÉIDEGE AN ÉIERLECHEN DIALOG UBIDDEN.**

- Duerch déi verschidde Projeten wéi z.B der Moderniséierung vum Fussballterrain, mat Buvette a Vestiairen, sou wéi der neier Schoul, inklusiv moderner Sportshal an aner Raimlechkeeten, hu mir fir vill Veräiner déi néideg Infrastruktur geplangt. Esou kënnen si sech an Zukunft beschteens entwéckelen an all jonken an ale Réimecher Bierger e verbesserte Sports- a Kulturprogramm ubidden.
- De Gréin muss onbedéngt erhale bleiwen an nei Léisunge proposéiert ginn. Et ass wéi jidderee weess eng ganz wichteg finanziell Hëllef fir all eis Veräiner. Dofir hu mir eis staark gemaach, dass hei verschidden Investitiounen gemaach goufen.
- Mir wëllen verhënneren, dass emmer méi Veräiner sech opléisen oder verschidde kulturell Eventer verschwannen.

**D'JUGENDAARBECHT SOLL DOBÄI AWER OCH NET VERGIESS GINN.**

- D' Veräiner mussen op hirem Wee ënnerstëtzt ginn, fir eiser Jugend flott Aktivitéiten unzebidden.
- Och wëlle mir de Veräiner hëllef op déi Jonk an Al zou ze goen an si ze motivéieren sech an de jeeweilege Clibb ze engagéieren.
- Esou kéint een zesumme mat de Veräiner e Veräinsdag an d'Liewe ruffen wou jiddereen d'Méiglechkeet huet sech a seng Aktivitéiten ze presentéieren.

**LA VIE ASSOCIATIVE DE REMICH DEVRA CONTINUER À AUGMENTER. POUR CETTE RAISON NOUS OFFRIRONS UN DIALOGUE NÉCESSAIRE ET HONNÊTE.**

- Avec les différents projets, comme la modernisation du terrain de football avec buvette et vestiaires, la nouvelle école avec un hall sportif moderne et d'autres locaux, nous avons planifié les infrastructures nécessaires pour toutes nos associations. Celles-ci permettront à l'avenir aux associations de se développer de manière optimale et permettront à chaque citoyen, jeune ou plus âgé, de bénéficier d'un programme sportif et culturel amélioré.
- Le Gréin doit être préservé et nous sommes pour des investissements à ces fins. Comme nous le savons tous, il s'agit ici d'une aide financière très importante pour toutes nos associations.
- Nous aimerions éviter que de plus en plus d'associations se dissolvent et que diverses manifestations culturelles disparaissent.

**IL NE FAUT PAS OUBLIER LE TRAVAIL POUR LA JEUNESSE .**

- Les associations doivent être soutenues pour pouvoir offrir des activités attractives aux jeunes.
- Nous souhaitons également aider les associations à rencontrer les citoyens, jeunes et âgés, et les encourager à s'impliquer dans les associations respectives.
- L'idée de créer une journée associative où tout le monde aura l'occasion de présenter ses activités.



## KULTUR AN TOURISMUS

**FLOTT OFFERE SOLLE SOUWUEL D'AWUNNER WÉI OCH D'TOURISTEN MOTIVÉIEREN FIR ZE BLEIWEN AN ZE BESICHEN.**

- D'Stad Réimech ass an soll eng Touristenhéichbuerg bleiwen a soll awer och eise Bierger vill bidden.
- CSV Réimech trëtt dofir an fir dat onse architektonische Patrimoine erhalen bleift. Esou soll dat historescht Notaire Haus, wat ënner nationalem Denkmalschutz steet, eng Destinatioun ginn wou Aspekter vun Tourismus, Kultur a Geschicht mat Archiven, an Festivitéiten ënner engem Dach sinn.
- Et kéint een och eventuell driwwer nodenken dëst Gebai an e Musée iwwert d'Geschicht vu Réimech, d'Kanalisation an d'Schëfffaart ëmzewandelen.
- No der geplangter Erneuerung vun der Place Fernand Kons sollen, ofwiesselnd emol fir déi Jugendlech an dann erëm fir eis eeler Matbierger, Concerten op dëser Plaz vun Lëtzebuerger Gruppen organiséiert ginn. Dëst sinn, fir den Tourist a fir déi Réimecher Leit souwéi fir d'Geschäftswelt flott Méiglechkeeten.
- D'Moderniséierungsarbeiten vun der Esplanade sollen am Hierscht ufänken. Dozou gehéieren och nei Gréngflächen, Vëlo- a Foussgänger Weeër, fir net ze vergiessen, den Héichwaasserschutz gëtt integréiert. Dobäi feieren och, a Kooperatioun mat der japanescher Ambassade, déi beléifte Kiischtebeem hire Comeback.
- Ausserdeem ass et eist Zil déi beléiftste Plazen mat flotte Blummen a Planzen ze verschéieren.
- En neie Glanz fir eis "Maachergaass" soll deemnächst konkretiséiert ginn.
- Déi al Gässelen a Weeër sollen och restauréiert ginn.

**DES INTÉRESSANTES OFFRES DEVRONT MOTIVER LES RÉMICOIS ET LES TOURISTES À VISITER NOTRE VILLE.**

- La ville de Remich est et doit rester une ville touristique et doit simultanément garder son attractivité pour ses citoyens.
- Nous sommes pour la préservation de notre patrimoine architectural. La maison du notaire, qui est classée patrimoine protégé, devra être destinée à réunir des aspects touristiques, culturels et historiques avec archives et festivités sous un toit.
- On pourrait également penser à un musée sur l'histoire de Remich, de la canalisation de la Moselle et de la navigation.
- Après la rénovation prévue de la place Fernand Kons, des concerts d'artistes luxembourgeois seront organisés, en alternance pour les jeunes puis pour les générations plus âgées. Ceci offre de belles opportunités aux touristes, à tous les citoyens ainsi qu'à nos commerçants.
- Les travaux de modernisation de l'esplanade, qui débiteront cet automne, créeront de nouvelles zones vertes et des sentiers pour la marche et le vélo. La protection contre les inondations sera bien sûre aussi intégrée. Grâce à notre coopération avec l'ambassade japonaise les cerisiers toujours appréciés retourneront sur l'esplanade.
- Notre objectif de décorer les places les plus populaires avec de nombreuses fleurs et plantes et un nouveau look pour notre "Maacher Gaass" sera prochainement concrétisé.
- Les nombreuses petites ruelles et anciens chemins doivent également être restaurés et gagner en attractivité.



## FIR NATUR AN EMWELT

### MIR SI FIR ENG ZUKUNFTSORIENTÉIERT A RAISONNABEL ENERGIE POLITIK.

- Fir aus der fossiler Energie an der erschreckender Energiekris erauszekommen soll den Ausbau vun erneierbaren Energien duerch Sonnenenergie (Photovoltaik Solaranlagen) virugedriwwen ginn.
- Belichtung op LED ass amgaangen ëmgestat ze ginn. Zil muss et sinn, dass all Stroossen dorop ëmgestallt ginn. Dëst erlaabt en drastescht Energiespueren.
- Mir sinn fir eng Energieproduktioun duerch regenerativ Energien wéi Fotovoltaik. D'Gemeng soll Fräiflächen zur Verfügung stellen fir e Solarpark. Dëst am Sënn vum Klimaschutz an Naturschutz, fir esou och d'Biodiversitéit ze erhalen.
- Mir setzen eis dofir an, dass méi Elektrobussen an Réimech opgestallt ginn.

### MIR MUSSEN OCH BEIM THEMA WAASSER A KANALISATIOUN INVESTÉIEREN.

- Zwecks Ëmsetzung vun de Virgaben vun der europäescher Waasserrahmenlinie zum Zweck vum Schutz vun de Gewässer huet d'Stad Réimech zesumme mat de Gemenge Schengen a Perl de Bau vun enger gemeinsamer Kläranlag zu Perl/Besch am Joer 2020 ofgeschloss .
- Déi nächst Phase ass dat lokalt Kanalisatiounnetz mat der neister Technik betreffend Ofwaasser- a Reewaasser ze equipéieren.
- Iwerlafbecken an dem « Chemin des Vignes », der « Avenue Lamort Velter » an der « Esplanade » si virgesinn.
- Nieft der bestoender Ofwaasser Pompelstatioun an der Busgare gëtt eng weider am « Wueswé » gebaut.

### NOUS SOMMES POUR UNE POLITIQUE ÉNER- GÉTIQUE RAISONNABLE.

- Pour pouvoir quitter l'énergie fossile et contrer cette crise énergétique effrayante, nous optons pour les énergies renouvelables, c'est-à-dire les installations photovoltaïques.
- L'éclairage par LED est en cours de réalisation. Il faut que toutes les rues y soient converties. Cela nous permettra de réaliser des économies d'énergie substantielles.
- Nous nous engageons pour une production d'énergie à partir de sources renouvelables comme le photovoltaïque. La commune doit mettre à disposition des surfaces libres pour un parc solaire dans le sens de la protection du climat et de la nature.
- La quantité des bornes électriques devra augmenter.

### IL FAUDRA AUSSI INVESTIR DANS L'EAU ET NOTRE CANLISATION.

- Suite aux directives européennes pour la protection des eaux, les communes de Remich, Schengen et Perl/Besch ont achevé la construction d'une station d'épuration en 2020.
- La prochaine étape consistera à équiper notre réseau de canalisation des dernières techniques en matière d'eaux usées et d'eaux pluviales.
- Des bassins à débordement sont planifiés pour le Chemin des Vignes, l'Avenue Lamort Velter et l'Esplanade.
- Une station de pompage pour eaux usées se trouve à la gare routière et une nouvelle est planifiée au « Wueswé ».



## PROPPER A SÉCHER

### D'CSV RÉIMECH WËLL ALL DE MATBIERGER E SÉCHERHEETSGEFILL GINN.

- D'Stad Réimech soll duerch Reglementer an entscheidend Aktiounen géint Vandalismus a Violatioun vun der öffentlecher Sécherheet méi wunnefrëndlech ginn.
- Dozou gehéiert virun allem eng besser Iwwerwachung vun den öffentleche Plazen.
- Eng Video Iwwerwachung am Beräich vun der Gare Routière soll de Bierger méi Sécherheitsgefäll bidden.
- Mir stinn och dofir, dass eis Police méi aktiv an eisem Stiedchen kontrolléiert. Virun allem virun eise Schoulen. Haaptsächlech mussen eis Schoulkanner bei Schoulufank a Schoulschluss besser ofgeséichert ginn.
- Den Neibau vum CGDIS ass esou gutt wéi ofgeschloss. Awer och hei muss eng Luuchtenanlag komme fir eise Rettungsdéngschter e schnellen Asaz ze garantéieren

### DÉI WEIDER VERBESSERUNG VUN DER PRO- PRETÉIT ASS FIR EIS E WICHTEGT THEMA.

- Als Tourismusstad ass et fir Réimech primordial eis Stroossen a Plazen sou propper a schéi wéi méiglech ze presentéieren. Dofir wëlle mir eis zukünfteg nach méi mat dësem Thema beschäftegen an op verschidde Plazen z.B. d'Offer u Poubellen erhéijen.
- Eis Spillplazen déi elo aus bzw. nei gebaut goufen, sollen, wat Propretéit ugeet, méi iwwerwaacht ginn.
- D'Offer un öffentlechen Toiletten spillt dobäi och eng grouss Roll. D'Unzuel un Toilette muss wuessen an ass momentan och amgaangen ausgebaut ze ginn.

### LE CSV REMICH SOUHAITE DONNER À CHA- QUE CITOYEN UN SENTIMENT DE SÉCURITÉ.

- La Ville de Remich doit devenir plus attrayante avec des règlements et des actions contre le vandalisme et la violation de la sécurité publique.
- On aimera introduire une meilleure surveillance des endroits publics !
- Une surveillance vidéo à la gare routière pourra donner un sentiment de sécurité à tous nos citoyens!
- Nous allons nous engager davantage pour une présence policière plus active dans notre ville. Il est nécessaire de mieux protéger nos enfants du début à la fin de leur journée scolaire.
- La construction du nouveau bâtiment du CGDIS arrive à sa fin. Un nouveau système de feux de signalisation pourrait ici augmenter la rapidité des services d'urgence.

### L'AMÉLIORATION DE LA PROPRETÉ EST UN SUJET IMPORTANT.

- En tant que ville touristique Remich devrait se présenter encore plus propre et belle. Pour ceci nous envisageons à augmenter le nombre des poubelles sur le terrain de la ville.
- Les aires de jeux pour enfants qui sont en cours d'aménagement ou de reconstruction devront à l'avenir faire l'objet d'une surveillance accrue en ce qui concerne leur propreté.
- L'offre de sanitaires publics joue également un rôle important. Le nombre de toilettes est déjà en train de grandir mais doit continuer à croître à l'avenir.



## EIS PLÄNG FIR VERKÉIER A MOBILITÉIT

### ONS ZIL BLEIFT DEN NEGATIVE IMPAKT VUM VERKÉIER OP D'LIEWENSQUALITÉIT, D'LOFTVERSCHMOTZUNG SOWÉI DE KA- MÉIDI ZE REDUZÉIEREN.

- D'Sécherheet op der Strooss ass eis wichteg. De Verkéier an der Enzegaass muss reduzéiert ginn.
- E Contournement vun Réimech muss en Thema bleiwen.
- Reduzéieren vun der Vitesse an den Niewestroossen duerch Aféierung vun 30er Zonen.
- Kleng Säitestroosse fir den Duerchgangsverkéier ze blockéieren an nëmmen d'Awunner op deser Strooss zouloossen.

### NOTRE BUT RESTE DE RÉDUIRE L'IMPACT NÉGATIF DE LA CIRCULATION, DE LA POL- LUTION ET DU BRUIT SUR LA QUALITÉ DE VIE.

- La sécurité routière nous préoccupe beaucoup et la circulation dans la rue Enz doit être réduite.
- Un contournement pour Remich doit rester une priorité.
- Il faut réduire la vitesse dans certaines rues avec l'installation de zones 30km/h.
- Les petites ruelles devraient uniquement être accessibles pour leurs habitants.

- Internationalen Schwéierverkéier aus der rue Enz eraushuelen an op d'Autobunn drainéieren. D'CSV Réimech hält op eng Zesummenaarbecht mat den däitschen Noperen.
- Dësweideren plädéiere mir fir verschidde Kräizunge mat „Gendarme Couché“ auszestatten.
- De Geforepunkt op der Kräizung ronderëm d'Gare routièr muss entschäerft ginn. An der Planung vun der Neigestaltung vun der Esplanade solle verschidde Mesure geholl ginn.
- Dofir wëlle mir bei der Sortie vum Schoulhaff „Gewännchen“ an d'Enzegaass eng Ampelanlag installéieren. Iwwerkräizen vun der Haaptstrooss ass eng Zoumuddung fir jiddereen an en héije Sécherheitsrisiko. Dëst erhéicht d'Liewensqualität an den ugrenzenden Wunnquartéieren méi a gëtt eise Kanner och e séchere Wee fir an d'Schoul.
- Ausserdeem kéint virun der Kräizung vun der N10 mat der Route de Luxembourg en intelligenten Luuchten System installéiert ginn, deen de Verkéier an de Spëttestonnen reegelt, ier een a Réimech erafert. Dëst geng och zur Verbesserung vun der Loftqualität bäidroen, déi no rezenten Miessungen jo zu deenen schlechsten hei zu Lëtzebuerg zielt.
- Fir d'Vitesse an der Enzegaass ze reduzéieren, si mir fir e fest installéierten Blëtzer.
- Eng besser Belichtung a Beschëlderung op de bekannte Geforeplazen a bei den Zebrasträifen.
- Eng Vëlospiste, déi en einfachen a séchere Wee vun der Musel an den ieweschten Deel vun Réimech bitt.
- Fir eise Matbierger mat enger Behënnerung de Wee duerch Réimech ze erliichteren, sollen all Trëttoire laanscht de Foussgängerwee erfesat ginn. Sou ass et fir si méi einfach iwwert d'Stroosse ze kommen.
- Les transports lourds internationaux devront être évacués de la rue Enz vers l'autoroute et nous souhaitons une collaboration avec nos voisins allemands.
- Différents croisements devront être munis d'un « Gendarme Couché ».
- les points dangereux au croisement de la gare routièr doivent être éliminés d'urgence. Des ajustements nécessaires seront entrepris dans le cadre de la planification du réaménagement de l'esplanade.
- A la sortie de l'école Gewännchen une nouvelle installation de feux de circulation est urgente. Traverser la rue principale est une difficulté pour tout le monde et un grand danger pour la sécurité. Ce changement améliorera la qualité de vie dans les quartiers résidentiels à proximité et permettra aux enfants de se rendre à l'école en toute sécurité.
- Avant le croisement de la N10 avec la route de Luxembourg l'installation d'un système de feux de circulation intelligent pourrait éviter les embouteillages durant les heures de pointe. Cela contribue également à l'amélioration de la qualité de l'air qui, selon des mesures récentes, est parmi les pires ici au Luxembourg.
- Pour réduire la vitesse dans la rue Enz, nous sommes pour un radar fixe.
- Amélioration de l'éclairage et de la signalisation aux endroits les plus dangereux ainsi qu'aux passages piétons.
- Une piste cyclable qui offre un parcours facile et sécurisé de la Moselle jusqu'en haut de Remich.
- Pour améliorer les déplacements de nos concitoyens handicapés à Remich, tous les trottoirs le long des passages piétons doivent être abaissés afin de faciliter la traversée de la rue.

### PARKING PROBLEMATIK:

- De Parkraum „Um Gréin“ muss erhalen bleiwen an eventuell erweidert ginn.
- Fir d'Geschäftswelt ze stäerken si mir fir kuerz Weeër, dat heescht de Parkraum am Zentrum ass e MUSS fir eis.
- Benotzen vum Parking „Um Gréin“ muss nei geregelt ginn, hei muss e Kuerzzäitparking hin.
- Fir dem Manque u Parkplazen entgéint ze wierke si mir a Gespräicher mat eisen däitschen Noperen fir en P&R Laangzäitparking am noen Grenzgebitt ze bauen a wëllen zukünfteg d'Méiglechkeet préiwen fir en ekologeschen Parking am „Lauslach“, no bei dem geplangten Dréipunkt vir d'Bussen, ze bauen.
- Fir dës bekannte Problematik ze entlaaschten wäert déi geplangten Erweiterung vum Parking „Op der Millen“ sécherlech schonn e gudde Schrott duerstellen.

### LES PROBLEMES DE STATIONNEMENT:

- L'espace de stationnement au Gréin doit être préservé et éventuellement agrandi.
- Pour soutenir le commerce, le parking doit rester à courte distance / au centre.
- L'utilisation du parking Gréin a besoin d'une nouvelle réglementation pour faciliter un stationnement à courte durée.
- Pour contrer le manque de places de stationnement nous devons communiquer avec notre voisin allemand en vue d'une solution. Une autre possibilité serait la construction d'un parking écologique au Lauslach.
- Pour soulager cette problématique connue, l'extension prévue du parking „Op der Millen“ constituera certainement un premier bon pas.

# DÄI CHOIX FIR RÉIMECH



Eis Kandidatelëscht

WALLERICH RITA		
THIEL GASTON		
DOS SANTOS BECO LUIS MIGUEL		
FREITAS YOANN		
LEHMANN MARCO		
MARTINS TANIA		
MOREIRA DE SOUSA SONIA		
PAULY TOM		
REINERS NICO		
SCHENGEN JEAN-PIERRE		
TAPÉ DIANA MARIE CHRISTELLE		

**WALVERSAMMLUNG**

9. JUNI UM 20H00  
AN DER ALER SCHOUL

**MIR FREEËN EIS**

